N° 3844
Reçue le 21.04.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 21 avril 2021

**Réf. :** 837xe41c3

**Concerne**: Question parlementaire n° 3844 du 11 mars 2021 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3844 du 11 mars 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant la "Vaccination des personnes handicapées".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Pour la Ministre de la Santé,**

**Anne CALTEUX**
**Premier Conseiller de Gouvernement**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3844 du 11 mars 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant la "Vaccination des personnes handicapées".**

Et gëtt leider am Lëtzebuerger Recht keng eendeiteg Definitioun wat eng Persoun mat Handicap ass. Et ass dofir schwéier déi Leit z'identifizéieren déi ënnert dësen Begrëff falen, ausser si géifen an enger spezifescher Struktur liewen fir Leit mat Handicap. Aus dësen Strukturen goufen 134 Leit an een Impfzenter invitéiert. Et goufen an de Wunnstrukturen selwer sur Place een Total vun 682 Leit geimpft.

D' Leit mat Handicap déi net an enger Struktur liewen ginn invitéiert a Funktioun vun der Vulnérabilitéit déi vun der Zort Handicap ofzeleeden ass. Sou kann z.B. eng Persoun mat engem Handicap eventuell ënnert d' Kategorie 4b falen: maladie neuro-musculaire avec répercussions cliniques. Dëst ass natierlech ganz individuell, a muss fir all Persoun eenzel ofgekläert ginn, an dann vun engem Dokter deklaréiert ginn (wéi dat och vir Leit ouni Handicap de Fall ass).

Wat d' Leit an der Phase 2b betrëfft goufen bis haut 7'976 Leit geimpft.

Jo, Jonker tëschent 16 an 18 Joer, kënnen mam Vaccin vun BioNTech/Pfizer geimpft ginn, an dat iwweregens onofhängeg vun der Impfphase. Dëse Vaccin ass am Moment deen eenzegen deen fir dës Altersgrupp autoriséiert ass.

D' Leit déi net an enger betreiter Wunnstruktur liewen ginn och invitéiert fir geimpft ze ginn, jee no Kategorie vun Vulnérabilitéit.

Leit mat engem mentalen Handicap hunn eventuell Problemer e Mask unzedoen. Et muss een an dësem Kontext nach emol drop hiweisen dass de Mask (masque chirurgical) dofir do ass fir aner Leit ze schützen virun den Drëppercher déi d' Persoun déi de Mask dréit ausstéisst, an net fir d' Persoun selwer ze schützen. Et kann een also nët d' office drop schléissen dass eng Persoun déi kee Mask dréit méi en héijen Risk vun Infektioun huet, mee et ass den Entourage deen eventuell e méi héijen Risk huet. Persounen mat engem mentalen Handicap kënne an der Phase 3b (déficit neuro-cognitif majeur) geimpft ginn. Aner Leit déi keng Mask undoen kënne wéinst z.B. groussen Longenproblemer kéimen och an der Phase 3b un d'Rei.

137-000010-20040525-FR